# POMPJEESVERBAND FLASH Januar 2023

Kolleginnen a Kollegen Pompjeeën am CGDIS,

E puer wichteg Informatiounen :

**Steieren op de Remboursement vun Assurancëprimen**

Merci fir di vill Réckmeldungen! De Pompjeesverband ass a Kontakt mam Inneministère fir Drock op d' Steierverwaltung ze maachen. D' Interpretatioun vun der Steierverwaltung ass steiertechnesch nozevollzéien. Leider entsprécht et net dem Wëllen vum Législateur. Mir si bereet des Affaire net op sech berouen ze loossen an de Wee weider ze goen bei de Législateur, d.h. d' politesch Parteien. D' CGDIS-Gesetz (wat am Moment souwisou adaptéiert gëtt, muss kloer an däitlech statuéieren fir de Verspriechen vum fréieren Inneminister ze entspriechen).

Fir elo keng Problemer ze kréien, recommandéieren mir Iech, falls verlaangt, Steieren nozebezuelen esou wéi d' Steiergesetz et verlaangt. Sou séier wéi méiglech informéieren mir iech dann wann sech eppes am Dossier gedoen huet, iwwert de Recours deen dir dann aleeën musst.

**Assurancen**

Mir erënneren d'Amicallen, dass d' Jugendpompjeeën bei all hiren Aktivitéiten veréchert sinn!

Amicallen déi eng Veranstaltung organiséieren sollen drun denken eng Assurance drop ze maachen.

**Pompjeesmutuelle**

D' Mutuelle huet di leschte Joeren keng Rechnungen un d'Amicallen verschéckt a selwer d' Käschten vun de Memberen iwwerholl. Wann dir Froen zu dësem Thema hutt mellt iech beim Christian Flammang, Sekretär vun der Pompjeesmutuelle, ënner mutuelle23@gmail.com

**POSTLAF an der Stad "mam Pompjeesverband"**

De 25e **POSTLAF** fënnt den 12.03.2023 an der Zone Industrielle Cloche d'Or Gasperich (rue Emile Bian) statt. interesséiert Pompjeeën kënnen sech **bis den 16.02.2023** beim Verbandsbüro dofir umellen. Méi Informatioune fannt dir op eisem Internetsite www.pompjeesverband.lu.



bureau@fnsp.lu 49771-8093 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/ 3, blvd. De Kockelscheuer L-1821 Lëtzebuerg

**Membersléschten**

Beim Sekretariat kënnt dir d' Membersléscht vun ärer Amicale als Excel Dokument ufroen.

**Reform**

Den Exekutive Rot huet sech mat de Vertrieder vun de franséischen Nopesch Departementer getraff fir sech iwwert hier Organisatioun a geliefte Problemer an Solutiounen am Kader vun hirer Dépatementalisatioun ze informéieren. Eng weider Réunioun mat den Däitschen Nopeschlänner ass Ufanks Mäerz geplangt.

Fazit no der 1. Nopeschréunioun ass, datt mir wäertvoll Informatiounen a Léisungen kruten fir an eis FNP-Reform afléissen ze loossen. Den Februar ZV wäert d' Aarbechtsgruppen definéieren. Duerno kënnt en Appel un all interesséierten Pompjee, Member vun enger Amicale oder Expert fir an den jeeweilegen Aarbechtsgruppen matzeschaffen.

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 19. Januar 2023 beschwat goufen.

- Diskussioun mam Jean-Jacques Schroeder, Chef DPV, an Martin Simon, Vertrieder vum CGDIS Personal, iwwert d' Reform vum Pompjeesverband.

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu 49771-8093 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/ 3, blvd. De Kockelscheuer
L-1821 Lëtzebuerg